LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: GOERENS Robert
Tel: 247 75610
Email: robert.goerens@ms.etat.lu

SOZIALLIBERAL PARTEI LETZEBUERG
Här Ronald Mordiconi
13, Grand-Rue
L-4132 ESCH-UELZECHT

Lëtzebuerg, den 7. Mee 2019

**Betreff:** Fënneft Generatioun vun Handy Kommunikatioun
**Réf. :** 82bxb291b

Här Mordiconi,

An Ärem Bréif vum 20. Mäerz sidd Dir op de Sujet vun der Fënnefter Generatioun vun Handy Kommunikatioun (5G) agaangen an hutt folgend Froen gestallt:

*1. Wat fir fundamental Fuerschungen zum Schutz vun der Populatioun gëtt et säitens der Regierung?*
*2. Wei vill Bierger sinn an de leschten 10 Joer offiziell un EHS (Elektrohypersensibilitéit) zu Lëtzebuerg erkrankt?*
*3. Wat fir Studienresultater zum Kriibs Risiko wéinst Elektrosmog léien der Regierung an der AMMD fir?*
*4. Wäi präventiv gëtt Lëtzebuerger Populatioun vun der Regierung virun Handystralunge gewarnt?*

Hei ënnen drënner fannt Dir Äntwerten vu mengem zoustännegen Service bei der Direktioun vun der Santé:

1. De Gesondheetsministère berifft sech am Beräich Gesondheetsschutz op ëffentlech unerkannten Étuden, mëscht awer selwer keng Fuerschung am Gebitt Héichfrequenz elektromagnéitesch Stralen.

2. Elektrohypersensibilitéit gëtt bei den ICD-10 Coden (International Classification of Diseases) vun der Weltgesondheetsorganisatioun ënnert dem Code Z58 (Kontaktanlässe mit Bezug auf die physikalische Umwelt) gefouert. De Gesondheetsministère huet aktuell keng Statistiken ënnert dësem Code, weder bei den Hospitalisatiounen nach bei den Doudesfäll.

3. Dem Gesondheetsministère leien déi ëffentlech zougänglech Studienresultater zum Thema Héichfrequenz elektromagnéitesch Stralen (EMS) an Kriibs Risiko fir. Wéi Dir an Ärem Bréif vum 20. Mäerz erwähnt sinn säit 2011 déi Héichfrequenz elektromagnéitesch Felder vun der IARC an der Klass 2B (méiglecherweis carcinogenic) agestuuft. Aktuell ginn et net genuch héichwäerteg an objektiv Étuden fir en kloeren kriibserregenden Effekt vun EMS ze beleeën.



Villa Louvigny
Allée Marconi
L-2120 Luxembourg

Tél. (+352) 247-85505
Fax (+352) 46 79 63

Adresse postale:
L-2935 Luxembourg

ministere-sante@ms.etat.lu
www.ms.public.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

4. De Gesondheetsministère féiert op sengem Internetsite sante.lu en Informatiounsblat dat iwwert Handystralung an méiglech Gesondheets Effekter op kläert. D'Informatiounsblat fannt dir ënnert dësem Link: http://sante.public/fr/publications/i/infos-rayonnement-telephones-mobiles-fr-de-en/infos-rayonnement-telephones-mobiles-fr.pdf.

D 'Berodung am Beräich Elektrosmog gehéiert zu den Missiounen vun mengem zoustännegen Service „Environnement" vun der Divisioun Aarbecht an Ëmwelt. Präventiv gëtt geroden d'Expositioun mat Héichfrequenzen elektromagnéitescher Stralen ënnert 0,6 V/m ze halen fir eventuell gesondheetlech Effekter ze évitéieren.

Mat frëndleche Gréiss,

Étienne SCHNEIDER
Vizepremierminister
Gesondheetsminister